Lëtzebuerger
# duerf
fir e chrëschtlech a sozialt Engagement

## Am Déngscht vu Gott an de Mënschen

Léif Frënn,

Folgend Fro kréien ech regelméisseg gestallt: Ginn et dann iwwerhaapt nach jonk Männer, déi sech op d'Priisteramt virbereeden? Meng Äntwert: e ganz kloere JO!

Mir liewen an enger Zäit, wou äis duerch Struktur- a Personalverännerunge bewosst gëtt, datt et net méi méiglech ass, datt op all Duerf e Geeschtleche sëtzt. Dat heescht awer net, datt mer d'Bengele bei d'Tromm solle schmäissen, mir hunn och weiderhin eng Zukunft! Wa mer emol op der enger Säit kucke, wéi vill Awunner Lëtzebuerg huet, an dann d'Zuel vun de Seminaristen op der anerer Säit (op den 23.11.2012 sinn et der 6), da muss ee soen, datt mer am Verglach mat aneren Diözesen net schlecht stinn! Gewëss, ee Punkt däerf ech net vergiessen: Et gi méi Geeschtlech an d'Pensioun wéi der geweit ginn. Mee kommt mir freeën äis, datt Nowuess do ass! An de leschte Joren hate mer ëmmer op mannst ee Mann, dee geweit gouf, an ech denken dat wäert sech och fir d'Zukunft net änneren.

Och wa vläicht elo an och an Zukunft net méi all Por an Duerf „säi" Paschtouer huet, wäerte mer sëcher ëmmer genuch Geeschtlech hunn, déi äis d'Eucharistie – deen zentrale Moment, wou den Härgott sech äis ganz schenkt – awer och déi aner néideg Sakramenter spenden.

Eisen Här Äerzbëschof huet e puer Mol betount, datt wa mer et net fäerdeg brénge, jonk Mënschen duerch eise Glawen ze begeeschteren, datt hien dann de leschte Bëschof vu Lëtzebuerg wäert sinn. Mir hunn als Chrëschten eng Verpflichtung, d'Freet vum Glawen an der Welt ze liewen an ze verkënnegen. Als Chrëschten hu mer och eng weider Verpflichtung: Mir sollen dofir bieden, datt den Härgott eis jonk Männer schenkt, déi Hien an den Déngscht vun de Mënsche berifft. D'Kierch brauch Geeschtlech! An et ass wichteg fir eis Seminaristen ze bieden, datt se d'Kraaft hunn, dëse wonnerschéine, awer net ëmmer einfache Wee ze goen.



*E wichtege Moment bei der Diakonewéi ass d'Iwwerreeschung vum Evangeliar*

Den 8. Dezember ass e wichtegen Dag: Mir hunn d'Freed, datt mer eis an der Basilika zu Iechternach däerfe versammelen, fir do de Ricardo Monteiro (aus der Por St Martin, Diddeléng) an de Charles Bremer (Por St Jean-Baptiste, Bous) ob hirem Wee ze begleeden. Den Här Bremer an den Här Monteiro ginn zu Diakone geweit, deen éischte, wichtege Schrëtt op hirem Wee zur Priisterwei.

Léiwe Charles, léiwe Ricardo,

Et ass e wichtege Moment an ärem Liewen, awer och e wichtege Moment fir eist Bistum. Mir wënschen Iech vun Häerze Gottes Seegen a vill Freed am Déngscht fir Gott an d'Mënschen. D'Evangelium gëtt Iech uvertraut an Dir sidd beruff et de Matmënschen ze verkënnegen an se doduerch ze stäerken!

***Abbé Romain Richer***




## Advent

Mam éischten Adventsonndeg fänkt dat nei liturgescht Joer un. D'Adventszäit ass eng Zäit vu Rou a Stëllt, eng Zäit wou mer e Gang méi lues solle schalten. Mir sollen alles op Null setzen, fir mat Gott, deen a Jesus Christus Mënsch ginn ass, en neie Wee ze goen. Mir sollen eist Liewen iwwerdenken, kucke wou mer stinn a wou mer ginn, fir da gestäerkt duerch – a mat Gott – eise Liewenswee ze goen. Ech wënschen äis all eng besënnlech Zäit an eng gutt Virbereedung op Chrëschtdag, an datt mer Zeie vun dëser grousser Freed a vum Härgott Senger Léift sinn, fir all eis Matmënschen!

***Abbé Romain Richer***

*Jongbaueren- a Jongwënzerdag 2012*

# Grouss Erausfuerderungen fir d'Landwirtschaft

## *Usprooch vum Jeff BOONEN, President LJB&JW*

Léif Éiregäscht,

Dir Dammen an Dir Hären,

Et ass fir äis eng grouss Freed och dëst Joer nees den Här Ärzbëschof Jean-Claude HOLLERICH hei bei äis ze begréissen.

Här Äerzbëschof,

Dir hutt dat lescht Joer bemierkt, datt d'Thematik vun der Agrarpolitik lech nach net esou läit, mee datt Dir lech fir eis Uleies interesséiert an datt Dir eisen Engagement ënnerstëtzt.

Mir sinn dankbar, datt Dir eng ganz gutt Nues hat, wéi Dir den Abbé Romain Richer dat lescht Joer zum neien Nationalaumônier vun der *Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer* ernannt hutt. De Romain huet sech ganz séier an eis Verbänn agelieft an hien ënnerstëtzt äis elo mat vill Enthusiasmus bei all eise ville Projeten. Mir léiere vun him an hie léiert vun äis. Mir sinn iwwerzeecht, datt dat an Ärem Sënn ass, an hoffen, datt mir nach munnech Weeër mat him zesumme goen kënnen.

Léif Leit hei am Sall,

Ech behaapten, dass mir e gutt an erfollegräicht Joer hannert äis hunn. Mir hu beispillsweis de 25. Anniversaire vun der ekologescher Landwirtschaftsberodung am Kader vun der dësjähreger *Foire Agricole* gefeiert. Dës innovativ Berodung, déi mir zesummen mam *OekoZenter Lëtzebuerg* organiséieren, huet dëst Joer e richtigen Opschwong erlieft. Dat ass deelweis drop zréck ze féieren, datt mir zënter dem Abrëll déi dynamesch a sympathesch Beroderin, d'Madame Katharina David agestallt hunn. Am Kader vun dëser flotter Zesummenaarbecht hu mir eisem Minister an der zoustännneger Chamberkommissioun ganz konkret Proposen fir eng Eewäisstrategie zu Lëtzebuerg ënnerbreet. An eiser agrarpolitescher Stellungnahm komme mir geschwënn op dëse Punkt zréck.

Mir hunn awer och ganz aktiv um Niveau vum CEJA, dem europäesche Conseil vun de Jongbaueren, matgeschafft. Mir si frou, datt déi vill Proposen vum CEJA, fir eng besser a méi effizient Jongbauerepolitik, vum EU-Kommissar – awer och vun eisem zoustännege Minister acceptéiert ginn. Dëst ass net ëmmer selbstverständlich: Vill Länner notzen d'Méiglichkeete fir hir Jongbaueren net aus.

Erlaabt mir, fir awer och nach kuerz no vir ze kucken.



*Den engagéierte Präsidium vun de LJB&JW kann op e weideren héichwäertege Jongbaueren- a Jongwënzerdag zréckblécken: (v.l.n.r.) Jeff Boonen, President, Jean-Michel Neser, Franky Peller, Christian Hahn, Charel Etringer, Laurent Frantz*

## Receptioun bei Geleeënheet vun der Hochzäit vun H.A.R. dem Grand-Duc Héritier Guillaume an der Comtesse Stéphanie de Lannoy



*Crédit photo: © Nicolas Bouvy*

Bei Geleeënheet vun der Hochzäit vun H.A.R. dem Grand-Duc Héritier Guillaume an der Comtesse Stéphanie de Lannoy, huet d'Lëtzebuerger Regierung d'Vertrieder vun de Jugendorganisatiounen op eng Receptioun agelueden, déi den 19. Oktober 2012 a Präsenz vun der jonker Koppel am Groussen Theater offréiert gouf.

Fir d'Carmen Schiltz, Presidentin vun der Lëtzebuerger Landjugend, de Jeff Boonen, President vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer, de Remy Harpes, President vun der Daachorganisatioun Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer, an de Vertrieder aus de regionale Gruppen – Joëlle Kirschten, resp. Charel Etringer – war et eng grouss Éier un dëser Receptioun deelzehuelen, e puer Wuert mat der jonker Koppel auszetauschen an Hir all Guddes fir d'Zukunft ze wënschen.

***Mir schléissen äis de Gléckwënsch vun de Presidenten a Vertrieder vun der LLJ -JB&JW un a wënschen H.A.R. dem Grand-Duc Héritier Guillaume an der Prinzessin Stéphanie dat Allerbescht op Hirem gemeinsame Liewenswee.***

D'Landwirtschaft steet weltwäit viru groussen Erausfuerderungen. Am Joer 2050 musse Liewensmëttel fir 9 Milliarde Mënsche produzéiert ginn. An eisem Präsidium war dofir relativ schnell d'Iddi opkomm, fir fir den Owend e Referent ze invitéieren, deen sech mam Thema vun der Welternährung beschäftegt. Mir hunn äis gefrot, wou eis Verantwortung an dëser Problematik läit an op déi europäesch Landwirtschaft mat enger Produktiounsteigerung zu der Léisung vum Problem béidroe kënnt. Ech sinn dofir immens frou, dass mir mam Här Benedikt HAERLIN, e kompetente Referent fonnt hunn, deen äis elo gläich e puer Denkustéiss gëtt an opweist wou déi ekologesch a sozial Erausfuerderungen – déi op äis duerkommen – leie wäerten.

Ech wëll awer grad elo am Ufank vum Owend op zwou Erausfuerderungen am Zesummenhang mat der Lëtzebuerger Landwirtschaft agoen.

Déi ökologesch Erausfuerderunge ginn ëmmer méi grouss. Den Drock vun der Landwirtschaft op eis Ëmwelt ass reell an et mussen Ännerungen am Betribsmanagement gemaach ginn, fir d'Ressourcen besser ze schounen. Mir Baueren hunn awer eis Problemer mat dem *Greening*, de Biodiversitéitsoplagen an aneren Ëmweltoplagen. Dat mat Sëcherheet net, well mir d'Natur net wëlle schounen, mee well all dës ekologesch Oplagen bei äis op de Betriber zum soziale Problem ginn: Si bedeite meeschtens en Aschnëtt am Akommes. D'Konsequenz dovun ass, datt an de villen Diskussiounen den ekologische Problem net méi mat objektiven A gekuckt gëtt. Doduerch hu mir ganz schwaach Argumenter vis-à-vis vun enger Lobby, déi sech fir den Ëmweltschutz asetzt.

Deeselwechte Phänomen gesäit ee bei der Ausgläichszoulag. Ech froe mech, firwat mir alles a Bewegung musse setzen an Energie verschwenden, fir datt eist Land geophysikalisch benodeelegt bleift. Mir mussen eis klimatisch a pedologisch Konditiounen acceptéieren an sollen äis freeën, datt mir eis Flächen net an extreme Konditioune bewirtschaften mussen. Eis Landwirtschaft as natierlich defavoriséiert, mee dat virun allem um sozialen a wirtschaftliche Plang. Mir liewen an engem Land mat deem héchsten Liewensstandard an Europa – eis Landwirtschaft muss awer hir Suen op engem liberalen Europa- a Weltmaart verdingen. De Service d'Economie Rurale weist scho joerelaang drop hin, datt d'Lëtzebuerger Landwirtschaft all Schwieregkeeten huet, fir en ähnlecht Akommes ze erwirtschaften, wéi dat an aneren Aktivitéitsberäicher de Fall ass.



*Op en Neits konnte vill Perséinlechkeeten an Akteuren aus der Landwirtschaft am Festsall vum LTA zu Ettelbréck begréisst ginn. Vill weider Fotoen vum intressanten Owend fënnt een ënner www.jongbaueren.lu*

Mir mussen dofir hei zu Lëtzebuerg déi ekologisch a sozial Problematik trennen. Ech hunn dat lescht Joer schonn hei ugedeit, datt mir net laanscht eng Sozialprime an der Landwirtschaft kommen. Ech fuerderen déi zouständeg Instanzen op, sech am Kader vum nächsten Agrargesetz, Gedanken ze maachen, wéi déi ausgesi kënnt. Et wir bestëmmt méiglech, d'Familljenaarbechtskraaft op de Betriber ze ënnerstëtzen. Fir eng Inneffizienz ze verhënneren, kënnt dës Hëllef jo den Déckungsbäitrag vum Betrib mat berücksichtegen.

Op jiddfer Fall wiren d'Landwirtschaft an den Ëmweltschutz déi grouss Gewënner vun esou enger Trennung – well dann emol objektiv diskutéiert a motivéiert kënnt ginn. Eist Akommes wir da gesëchert an d'Motivatioun fir Klima, Aarten- a Waasserschutz ze bedreiwen, wir mat Sëcherheet méi grouss.

An Zukunft musse mir awer och eng proaktiv Haltung vis-à-vis vun den ekologeschen a sozialen Erausfuerderungen unhuelen. Ech hat d'Geleeënheet fir virun engem gudde Mount den Här Michael HAMILL, Chef vun der landwirtschaftlecher Abteilung an der DG Environment vun der EU-Kommissioun, ze héieren. Hien huet ganz kloer drop higewisen, datt d'Landwirtschaft net soll waarden, bis datt d'EU se iwwer Gesetzer forcéiert, fir déi zukünftig Ëmweltziler ze erreechen. Een aktuellt Beispill sinn d'Sperrfristen fir Gülle um Gringland. Hei sinn d'Ziler net erreecht

*Lëtzebuerger Landjugend*

## Landjugend-Kalenner 2013

Mir weisen drop hin, datt eng nei flott Oplag vum Landjugend-Kalenner fir d'Joer 2013 virläit an elo bestallt ka ginn:

um ***Tel. 44743 – 252***, iwwer ***E-mail: landju@pt.lu***
oder mat Hëllef vum ***Bestellungsformular,***
deen ënner ***www.jongbaueren.lu*** ze fannen ass.

No der Iwwerweisung op de CCPL-Kont vun der
***Lëtzebuerger Landjugend a.s.b.l. IBAN LU17 1111 2311 3177 0000***
kritt Dir de Kalenner an deene beschten Delaien mat der Post heem gescheckt.

***Vermierk: Landjugend-Kalenner 2013***



ginn, sou datt gesetzliech gehandelt gouf. Mir mussen ähnlech Situatiounen an Zukunft verhënneren, well se der Landwirtschaft schueden. Dëst geet nëmmen iwwert de Wee vun objektiver Recherche, vu Pilotprojeten, iwwer d'Weiderbildung an d'Berodung. Am nächsten Agrargesetz musse ganz kloer Budgeten fir dës Posten virgesi ginn. An all wirtschaftlechem Secteur spillen d'Recherche an den Developpement eng majoritär Roll, fir d'Nohaltegkeet ze garantéieren. Dat muss och esou an der Landwirtschaft de Fall sinn! Als klengen Denkustouss – fir eng proaktiv Haltung – wëll ech dëst Beispill ginn: Am Joer 2008 huet Frankräich de Plan *Ecophyto* an d'Liewe geruff. Dëse Plang gesäit vir, datt de Pestizidasaz an der Landwirtschaft bis 2018 ëm 50% reduzéiert gëtt – dat ouni d'Erträg ze gefährden. Duerch ugepasste Budgeten a mat der Koordinatioun vum Landwirtschaftsministär schaffen elo all d'Akteuren aus dem landwirtschaftliche Secteur un dësem Objektiv. Eng Reglementéierung ka verhënnert ginn an de Konsument, resp. Steierzueler huet e positiven Androck vun der Landwirtschaft.

Iwwer dëse proaktiven Wee kënnten an Zukunft och ganz sëcher eng Partie Erausfuerderungen vun der Lëtzebuerger Landwirtschaft geléisst ginn.

Léif Éiregäscht,
Dir Dammen an Dir Hären,

Erlaabt mir, fir zum Schluss nach e puer Mercien auszeschwätzen, fir déi respektiv moralesch a finanziell Ënnerstëtzungen, déi eiser Organisatioun zegutt kommen:

- Un déi Verantwortlech vum Landwirtschafts-, dem Nohaltegkeets- an dem Familljeministär an déi zoustänneg Verwaltungen. Mir si frou, datt mir esou e gudden an direkte Kontakt mat hinnen ënnerhale kënnen, a begréissen et vun Häerzen, datt mir ëmmer nees Gehéier bei hinne fannen;
- Un all déi landwirtschaftlech Organisatiounen mat deene mir zesummeschaffen;
- Un de Lycée Technique Agricole a speziell un d'Mme Direkter Martine Hansen, fir d'Raimlechkeeten, déi mir iwwer d'Joer erduerch an och haut nees gebrauche kënnen;
- Un de Bistum fir d'Bereetstelle vum Nationalaumônier a vum Permanent;
- Un eisen Nationalaumônier, den Abbé Romain Richer, deen äis – wéi scho gesot – mat Rot an Dot zur Säit steet.

Ech well eis och Leit an der Zentral am Centre Convict net vergiessen, deene keng Aarbecht zevill ass, fir äis ze ennerstëtzen. D'Madame Kickert, déi scho bal 20 Joer op administrativem Plang fir eis Verbänn am Asaz ass, geet iwwregens elo am Dezember an hir verdéngte Pensioun.

Léif Madame Kickert,

Ech soen lech elo schonn e spezielle Merci, fir déi wäertvoll Aarbecht, déi Dir an all deene Jore fir äis an eis Virgänger geleescht hutt. Et ass nach ze fréi, fir lech elo schonn Äddi ze soen – mir kommen awer mat Sëcherheet dat nächst Joer um Landjugenddag op dëse Punkt zréck. Mir invitéieren lech deemno, fir den 9. Mee 2013 zu Näertrech derbäi ze sinn.

E grousse Merci geet och un d'Memberen vum Nationalkomitee a vum Präsidium, fir hiren groussen Asaz am Interessi vun eiser Organisatioun, sief dat um nationalen oder europäeschem Niveau.

Meng leschst Mercie ginn un den Aarbechtsgrupp Zuucht an un all d'Memberen aus de regionale Gruppen vun der *Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer*, déi dat ganzt Joer iwwer ëmmer nees eng Hand mat upaken, wann se gebraucht gëtt …

… an un lech all hei am Sall, datt Dir lech Zäit geholl hutt, fir den Owend derbäi ze sinn.

# Visite vun der Holstein Europaschau 2013

***vum 28. Februar – 3. Mäerz 2013***

Am Kader vun der Holstein Europaschau 2013 invitéiert de Grupp Zuucht vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer all Intresséiert, deelzehuelen um Tour op Fribourg an d'Schwäiz.

## *Programm*

### E Freideg, den 28. Februar 2013

| | |
|---|---|
| Moies: | Départ vum Bus zu Ettelbréck |
| Nomëttes: | Arrivée zu Bürglen, Open House am Stall vun GS Alliance |
| Owes: | 2. Swiss Mountain High Sale, Iwwernuechtung an der Géigend vu Bürglen |

### E Samschdeg, den 1. Mäerz 2013

| | |
|---|---|
| Moies: | Bürglen-Fribourg (ca. 2 Stonnen) |
| 09:00-16:00 Auer: | Visite vun 3-4 Betriber mat Degustatioun vu Schwäizer Produiten |
| Duerno: | Jungzüchter-Showmanship mat Lëtzebuerger Bedeelegung vum Stéphanie Alves a Jo Schweigen |
| Owes: | Swiss European Sale an/oder fräien Owend |

### E Sonndeg, den 2. Mäerz 2013

| | |
|---|---|
| Moies & mëttes: | Europäesche Concours (Eenzel-Concours a Länner-Concours) |
| Owes: | Zichterowend, Fondue-Party |

### E Méindeg, den 3. Mäerz 2013

| | |
|---|---|
| 09:00–16:00 Auer: | Visite vun 3-4 Betriber mat Degustatioun vu Schwäizer Produiten |
| Duerno: | Retour op Lëtzebuerg (Ettelbréck) |

## *Präis an Umeldung*

De Präis vun der Rees läit bei 350 € a varéiert staark je nodeem, wéivill Participanten sech umellen. Wéint de limitéierten Openthaltsméiglechkeeten, resp. Plazen an aus organisatoresche Grënn ass d'Umeldung bis den 10. Dezember 2012 virzehuelen, beim:

| | |
|---|---|
| Marc Jacobs: | Tel. 621 626 265 oder |
| Christophe Majeru:Tel. | 691 836 813 oder |
| Jacques Bernard: | bernardjacques@hotmail.com |

***Sidd och Dir derbäi bei der beschter europäescher Holstein-Schau, bei 2 Steeën an der Visite vun intressante Schwäizer Betriber – dat a Verbindung mat gudder Stëmmung a lëschtege Momenter!***

# 30. CONCOURS DU MEILLEUR JUGE

Organiséiert vum ***Aarbechtsgrupp Zuucht*** vun de *Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer*, e Samschdeg, den 10. November 2012 um landwirtschaftleche Betrib Mathieu Van Laar zu Ischpelt.

## *Klassementer*

1. Neser Mich
2. Warmerdam René
3. Scholtus Laure
4. Stoltz Max
5. Besenius Liz
6. Bourgmeyer Josy
7. Warmerdam Danièle
8. Warmerdam Max
9. Reiff Philippe
10. Bertemes Carlo

## *Gewënner vun der Tombola*

1. Preis: en Zuuchtkallef   Lis Christian
2. Preis: zwee Embryoen   Thein Claude

## *Eis Sponsoren*

Agri-Produits S.à.r.l. / Lelycenter, L-Urspelt

C-Sold Holstein, L-Contern

Genes Diffusion, F-Dovai

CONVIS, L-Ettelbruck

Les Domaines de Vinsmoselle, L-Stadtbredimus

Osnabrücker Herdbuch e.G., D-Melle

WWS Germany, D-Altenberge

***De Grupp Zuucht seet alle Sponsoren e ganz grousse Merci fir déi generéis Ënnerstëtzung!***

*Jongbaueren- a Jongwënzerdag 2012*

# Agrarpolitesch Stellungnahm (I)

### *virgedroe vum Jean-Michel Neser, Member vum Präsidium vun de LJB&JW*

*Léif Eiregäscht,*
*Dir Dammen an Dir Hären,*



Well mir dat lescht Joer vum Thema hir – an aus Zäitgrënn – net op déi agrarpolitisch Aktualitéit agoe konnten, ass et äis dëst Joer wichteg, datt mir haut den Owend hei eis Iwwerleeungen zu der europäischer an der nationaler Agrarpolitik virbrénge kënnen.

## Fuerderungen am Kader vun der GAP

Mir sinn déi jonk Akteuren an der Landwirtschaft hei zu Lëtzebuerg, a wéi et ausgesäit gëtt et der vun eisem Beruffsstand an Zukunft ëmmer manner. Heiheem sinn nëmme méi 5,5% vun de Baueren ënner 35 Joer al; an der EU läit den Duerchschnëtt bei manner ewéi 7%. Et fält äis deemno op, datt d´Méiglichkeeten fir jonk Leit an der Landwirtschaft offensichtlich begrenzt sinn.

Et gëtt awer elo – virun allem am Kader vun der neier Gemeinsamer Agrarpolitik – Méiglechkeeten, fir dësem Problem entgéint ze wierken. Dofir fuerdere mir vun de Politiker, datt de Virschag vun der Europäischer Kommissioun ugeholl gëtt. Konkret gesäit deen am Éischte Pilier en obligatorischen Top Up vu 25% um Jeton fir déi Jonk während den éischte 5 Joer no der Betribsiwwernahm vir. Dëst géif déi Jonk grad am Ufank vun der Betribsiwwernahm ënnerstëtzen, wou et – bedingt duerch grouss Investitiounen – Problemer a Punkto Liquiditéit gëtt an hirt Akommes niddreg ass. Mir begréissen dës Approche, déi e Schratt an déi richteg Richtung a Punkto Generatiounssolidaritât duerstellt. Mir kritiséieren allerdings weiderhin de Prinzip vum Éischte Pilier, wou d'Primmen nach just op d'Fläch bezuelt ginn. Elo, wou d'Bäihëllefe komplett vun de Produkter a vum Historik vum Betrib entkoppelt ginn, kann et dach net sinn, datt Betriber mat vill Fläch, vill méi Sue kréien, wéi intensiv Déiereproduktiouns- oder Wënzerbetriber, respektiv Gärtner mat manner Fläch.

Bei deem Zweete Pilier fuerdere mir eng staark Jongbauere-Politik, déi un déi uknäppt, déi mir bis elo kannt hunn.

## Investitiounsbäihëllefen

Wat d'Investitiounsbäihëllefe betreffen, kënne mir novollzéien, datt duerch d'Ophiewe vum Plafong vill Bäihëllefen ineffizient an der Landwirtschaft oder esouguer an industrielle Projeten agesat gi sinn. Mir fäerten awer elo, datt d'Budgete gekierzt ginn, respektiv erëm Plafonge festgeluecht ginn. Mir fuerderen, datt am nächsten Agrargesetz ganz kloer vun de Verwaltungen tranchéiert gëtt, wat fir eng Projeten sech droen an esou vun de Bäihëllefe profitéiere kënnen. D'*Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer* sinn der Meenung, datt déi betriblech Entwécklungspläng an d'Rentabilitéitsberechnung bei de staatlechen Investitiounenbäihëllefen berücksichtegt solle ginn. Nëmmen da mécht d'Investiounsberodung vum *SER* a vun Agrigestion e Sënn an huet dee Stellewäert, deen se sech wëll ginn. Mir kënnten äis och virstellen, datt d'Investitiounsbäihëllefen gestaffelt ginn: Wirtschaftlech géif dat Sënn maachen, well grouss Investitiounen vun der Economie d'échelle profitéieren an esou manner Bäihëllefe bréichten. Een aktuellt Beispill sinn déi gestaffelt Tariffer am Biogassektor.

## Neit Agrargesetz

Mat eisem aktuelle Minister hoffe mir och, datt de Gesetzestext dës Kéier méi fréi eraus kënnt a gestëmmt gëtt. Eigentlech misst dat neit Gesetz do sinn, wann dat aalt ausleeft. Mir hu Betriber a wëllen – a musse – plangen kënnen. Dëst geet net mat Spekulatiounen a Gerüchter.

## Betribsiwwernahm

Mir wëllen awer och nach op e Problem hiweisen, deen d'Betribsiwwernahm betrëfft. Mir géifen et begréissen, wann sech méi ewéi ee Jonken op engem Betrib installéieren a vun der Installéierungsprime profitéiere kënnt. D'Betriber wuessen, an oft ass et grad op de gutt strukuréierte Betriber, wou

sech zwee jonk Baueren installéiere wëllen. Firwat ass et net méiglech, fir hei zwou Installatiounen mat Bäihëllefen ze ënnerstëtzen? Muss elo deen zweete jonke Bauer e Betrib mat Betribsnummer mat vill Käschten derbäipachten, fir an de Genoss vun den Erstinstallierungs-Bäihëllefen ze kommen? Mir sinn der Meenung, datt dat an Zukunft zugonschte vun de jonke Baueren geännert soll ginn.

### Eewäissstrategie

Am Kader vun der Eewäissstrategie, déi mir zesummen mam OekoZenter Lëtzebuerg opgestallt hunn, hu mir dem Landwirtschaftsminister an der Chamberkommissioun scho ganz konkret Mesure proposéiert, fir d'Eewäissofhängegkeet vu Lëtzebuerg, respektiv vun Europa ze reduzéieren.

Mir fuerderen deemno, fir d'Leguminosen mat an de Greening eran ze huelen. Dës Pflanzen droen zur Diversitéit vun den Agrarkulturen – a ganz kloer och – zum Klimaschutz bäi. Doniewent fuerdere mir eng direkt gekoppelt Prime un dës Pflanzen. D'Argument, datt dat wéint der EU an der WTO net geet, wëlle mir net gëlle loossen. A Frankräich gëtt et beispillsweis och nach ëmmer gekoppelt Primen.

Mir fuerderen doniewent eng Upassung vun den Agrar-Ëmweltmoossnahmen: Et kann net sinn, datt am Programm fir reduzéiert Stickstoffdüngung, d'Leguminosen op 20% limitéiert sinn. An deemselwechte Programm soll d'Prime och dat Joer bezuelt ginn, wou Bounen, Ierbessen oder aner Leguminosen ugebaut ginn.

Mir fuerderen, datt dëse Programm op nationalem Niveau verfügbar gëtt an net nëmmen a Waasser- oder Naturschutzgebidder vun de Baueren ugewannt ka ginn. Reduzéiert Düngung dréit net nëmmen an de Schutzgebidder zum Naturschutz bäi.

*Fortsetzung am nächsten Duerf. Déi komplett Stellungnahm fënnt deen Intresséierte schonn elo ënner www.jongbaueren.lu*

En alternative Cadeau fir Chrëschtdag

Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.sb.l.

# Aktioun „100 Kassine fir de Burkina Faso"

*Am Hibléck op d'Maximéierung vun den Erträg soll d'Aarbecht mat der Kassin fir vill Produzente vum Plateau central am Burkina Faso erméiglecht ginn.*




*Mat dem richtegen Aarbechtsgeschir (lénks d'Kassin mat der Sous-Soleuse, riets de Kieler) an den optimiséierten Aarbechtsmethoden kënnen d'Erträg vun den einfache Baueren noweislech verbessert ginn*

Zënter Januar 2008 ënnerstëtzt d'ONG de lokale Partner Association Les Mains Unies du Sahel (AMUS) bei der Ëmsetzung vum Kooperatiounsprojet Centre Technique de l'Amélioration de la traction Asine (CTAA) zu Imasgo am Burkina Faso.

Bis Dezember 2012 goufe ronn 1.000 Baueren aus deene véier *Comités Villageois de Développement* (CVD) – Imasgo, Tiogo, Koalma a Sabouna – déi enk mam CTAA zesummeschaffen, am fachgerechten Ëmgang mam Iesel an dem Uspane vun der ***Kassin*** vu Moniteuren vum Zentrum ausgebilt.

Tatsächlech kënnt dem Iesel bei der Optiméiseierung vun der Aarbecht vun deenen einfache Bauere vum Plateau central vum Burkina Faso eng maassgeeblech Roll zou. Mat Hëllef vum wichtege Schaffdéier an dem adaptéierten Aarbechtsgeschir – ***der Kassin*** – ass et dem Produzent méiglech, fir méi grouss landwirtschaftlech Flächen mat manner Ustrengung an Zäitopwand ze bestellen an noweislech gréisser Erträg op de Felder ze erwirtschaften.

D'Kassin, déi liicht ze handhaben ass, ass vun der franséischer Associatioun PROMMATA (Promotion du Machinisme Moderne Agricole à Traction Animale) entwéckelt ginn, fir deenen einfache Baueren d'Aarbecht um Feld ze erliichteren. Et ka vu lokale Schmätt hirgestallt ginn a schaaft deemno zousätzlech Aarbecht fir d'Handwierker um Land.

Allerdings ass de Basismodell (125 €) mat deem néidegen Trident (40 €) an dem Kieler (7,50 €) – wat en **Total vun 172,50 €** (~ 115.000 CFA) ausmécht – fir d'Produzenten schwéier ze bezuelen. Fir hinnen entgéint ze kommen, hunn déi Verantwortlech vum CTAA mat de *Comités Villageois de Développement* e Modell ausgeschafft, fir de Produzenten dëst Aarbechtsmaterial zur Locatioun unzebidden. De Baueren aus der Géigend vun deene véier Dierfer stinn deemno am Moment 9 Kassinen zur Verfügung, fir hir Plantatiounen unzeleeën.

Mat der ***Aktioun 100 Kassinen*** well d'ONG e weidere Schratt maachen, fir nach anere Produzenten d'Méiglechkeet ze bidden, fir op dat interessant Aarbechtgeschir zréckzegräifen. D'Material vun de Produzente vun Imasgo, Tiogo, Koalma a Sabouna soll op 20 Stéck eropgestockt ginn a weidere Bauerenorganisatiounen – déi Interessi un de Formatiounen vum CTAA gewisen hunn – soll d'Geleeënheet gebuede ginn, fir hire Memberen eng Kassin bei Bedarf zur Verfügung ze stellen.

**Am Numm vun de Concernéierte seet de Verwaltungsrot vun der ONG-D all deenen, déi d'Aktioun droen, elo schonn e ganz grousse MERCI!**

Wann Dir dës Aktioun – an deemno déi mannerbemëttelt Produzenten am Burkina Faso ënnerstëtze wëllt – kënnt Dir dat maachen mat engem Don op ee vun de Konte vun der ONG-D *Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.*

CCPL LU05 1111 0050 3083 0000
CCRA LU32 0090 0000 0157 8004

mam Vermierk:
***Aktioun „100 Kassine fir de Burkina Faso"***

(Är Done si steierlech ofsetzbar!)

# JMJ 2013 – Journées Mondiales de la Jeunesse zu Rio de Janeiro

**„Geht zu allen Völkern, und macht alle Menschen zu meinen Jüngern"**

### Wat sinn d'JMJ?

1986 huet de Poopst Jean-Paul II. d'Journées Mondiales de la Jeunesse (JMJ) an d'Liewe geruff. All zwee bis dräi Joer sinn déi Jonk vun der ganzer Welt invitéiert, fir op enger Plaz zesummen ze kommen. Déi lescht grouss Treffe waren zu Köln (2005), Sydney (2008) a Madrid (2011). Fir de Summer 2013 invitéiert de Poopst Benoît XVI. déi Jonk op Rio de Janeiro a Brasilien.

Eng Millioun Jonker wäerten sech op de Wee maachen an aus de JMJ e Fest vum Glawen a vun der Freed maachen.

### De Programm

De Programm steet nach net bis an de leschten Detail fest. Eenzel Aktivitéiten an och den Datum vun der Rees kënnen nach änneren. Hei awer emol de viraussiichtlechen Oflaf:

| | |
|---|---|
| 14. Juli 2013: | Depart fir op Campo Limpo (an der Géigend vu São Paulo) |
| 15. - 18. Juli: | Programm zu Campo Limpo mat der Sr. Nelly Boonen |
| 19. - 22. Juli: | Journées en diocèse zu Maringá |
| 23. - 28. Juli: | Offiziell JMJ zu Rio de Janeiro |
| 29. Juli 2013: | Retour op Lëtzebuerg |

### Lëtzebuerg mécht mat!

Zënter 1997 hëlt regelméisseg e Grupp vu Lëtzebuerg un de JMJ deel. Eisem neien Äerzbëschof Jean-Claude Hollerich ass et e besonnescht Uleies, datt vill Jonker am Summer 2013 mat op Rio ginn. Rio ass wäit an d'Rees gëtt deier. Mee kee Jonke soll aus finanzielle Grënn doheem bleiwen!

### Wie ka sech umellen?

- All Jonken tëscht 16 an 30 Joer, deen um Programm vun de JMJ deelhuele wëll.
- Doriwwer eraus sinn natierlech all d'Responsabel, déi e Grupp Jonker begleeden, häerzlech wëllkomm, och wa si scho mi laang jonk sinn.

Mir versiche fir d'Participatioun un de JMJ (mat Rees, Programm, Iessen an Openthalt) fir 1.200 Euro unzebidden. Dëse Präis déckt awer bei wäitem net déi tatsächlech Käschten a kann dowéinst och net méi reduzéiert ginn.

Et kascht vill Ustrengungen, fir d'Rees méiglechst ville Jonken zu dësem Präis unzebidden. Dofir gi mir dovun aus, datt déi Leit, déi matginn, sech fir de ganze Programm vun de JMJ interesséieren a sech och bei der Preparatioun engagéieren, andeems si (op d'mannst) un engem Virbereedungs-Weekend deelhuelen. De Programm vun der Preparatioun fënnt een ënner www.jugendpastoral.org.

Mir sinn op d'Generositéit vu ganz ville Leit ugewisen. Maacht Reklamm, fir datt si déi Jonk ënnerstëtzen. Organiséiert Aktivitéiten an Ärem Parverband! Sicht Pätteren a Giedelen, déi lech ënnerstëtzen! Loosst Ärer Phantasie fräie Laf!

Wie jonk Leit ënnerstëtze wëll, déi un de JMJ deelhuelen, kann dat mat engem Don op de CCPL vun der Fondation St. Willibrord, LU14 1111 0786 0030 0000 maachen. Villmools Merci am Viraus!



### Weider Informatiounen

... fënns Du um Site vum Centre de Pastorale des Jeunes www.jugendpastoral.org

Hei kanns Du Dech och op der Mailingslëscht vun de JMJ androen. Da gëss Du direkt gewuer, wann et eppes Neits gëtt!

***Matgedeelt vum:***
*Centre de Pastorale des Jeunes*
*5, avenue Marie-Thérèse*
*L-2132 Lëtzebuerg*
*Tel. : 44743 - 215*

# Der Unfassbare



Gott darf nicht sofort als ein höchstes unendliches Wesen vorgestellt werden. Dies wäre ein Rückfall in die Metaphysik. Er ist unauslotbares Geheimnis, das weder mittels der Logik der Sinne, des Herzens noch gar der analytischen und ergründenden Vernunft erfasst werden kann. Ihm gegenüber ist vielmehr die Ehrfurcht am Platz, eher das vornehme Schweigen als viele Worte, Lehrsätze und Riten, mit deren Hilfe wir ihn in gewisser Weise in das Schema unserer Auffassungsgabe pressen wollen. Alle mystischen Traditionen, sowohl im Westen wie im Osten, sprechen von Gott als einem unauslotbaren Geheimnis oder als Liebe, was ein anderer Ausdruck für das Unaussprechliche ist.

***Leonardo Boff***
*in „Sehnsucht nach dem Unendlichen"*
*(Butzon & Bercker, Kevelaer 2011)*


## *Impressum*

**Herausgabe:**
*ACML*
*5, avenue Marie-Thérèse*
*L-2132 LUXEMBOURG*

**Verantwortung:**
**Aktioun:**
*Jean-Paul Schneider* 44743-251
*Fernand Huberty* 44743-251

**Duerf:**
*Romain Richer* 44 743-562
*Franz Glodt* 44 743-252

**Druck:**
*Saint-Paul Luxembourg*

**Erscheinungsdatum:**
*zehn mal jährlich*